# Interview mam Gaston Thorn (CLT, 3. Dezember 1969)

**Source:** L'Europe après le Sommet de La Haye / GASTON THORN, Nic Weber.- CLT [Prod.], 3 décembre 1969. CLT-UFA, Luxembourg. - SON (08:00, Montage, Son original).
CLT-UFA, 45, Boulevard Pierre Frieden, L-1543 Luxembourg.

**Copyright:** Transcription CVCE.EU by UNI.LU
Tous droits de reproduction, de communication au public, d'adaptation, de distribution ou de rediffusion, via Internet, un réseau interne ou tout autre moyen, strictement réservés pour tous pays.
Consultez l'avertissement juridique et les conditions d'utilisation du site.

**URL:** http://www.cvce.eu/obj/interview_mam_gaston_thorn_clt_3_dezember_1969-lb-8d2bf828-29e4-4b15-8f00-a90666298840.html

**Date de dernière mise à jour:** 13/04/2017

[Nic Weber] Här Minister, ganz zefridden hätt Dir Iech erklärt no der Spëtzekonferenz, stëmmt dat?

[Gaston Thorn] Ganz a sou vollständeg oder sou ausféierlech, dass ee géing mengen, et wäer wierklech keng kleng Schattesäit méi um Ganzen loosse mer soen, mir sinn zefridden iwwert dat, wat zu La Haye geschitt ass. Mir si ganz zefridden an deem Mooss, wou een nach moies vum leschten Dag, dënschdes moies, huet misse sérieux fäerten, dass d Konferenz zu engem Échec géing féieren an iwwerhaapt kee Resultat opzeweise krit. An deem Mooss ware mir ganz staark erléist owes, mä ech géing drun uknëpfen an erënneren, wat ech gesot hunn, éier ech op La Haye gaang sinn, a wat haut nach gülteg ass: et ass réischt den Ufank vun enger laanger Period vun Aktivitéit a vu Gefeilschs, bis alles souwäit ass. Mä den Ufank ass jidferfalls ganz gënschteg ausgefall. T ass net méi eng aner Attitude bäi der franséischer Regirung ze verzeechnen, mir hunn op weesentlech Punkten ganz kloer Accorde krut. Et bleift nun um Ministerrot vun de Sechs an un der Kommissioun selbstverständlech, fir dat alles, géing ech soen, an Ausféierungsbestëmmungen ze bréngen an deenen éischte sechs Méint vun 1970.

[Nic Weber] Här Minister, Dir wësst, wa sou eppes entschloss gëtt: déi eng jäizen direkt Hurra, déi aner sinn e bësschen nuancéiert. Dat ass zum Beispill de Fall fir eis Federalisten, déi awer e bëssche fäerten, et wäer e Wee vu Kompromisser oder eng zevill realistesch Approche fir Europa, déi net grad mat dem Idealissem Schrëtt hält. Dat heescht, et gouf awer vu verschiddene Säite méi erwaart.

[Gaston Thorn] Et gouf vläicht vu verschiddene Säite méi erwaart. Ech géing soen, vu menger Säit gouf ni méi erwaart wéi dat, wat lo dran ass, well t ass mat Realismus, wou een Europa baut. An dësen Négociatiounen vum Haag konnt weder een erwaarden, eng Kapitulatioun vu Frankräich capitulation sans conditions , et kann een och keng Kapitulatioun erwaarde vun den Europäer oder vun den Holänner. Déi eenzeg Chance vum Succès war e Kompromiss. Dat hei ass méi wéi e Kompromiss, et ass souguer en Accord zu Sechs, vun deem souguer den Här Luns, dee laang an enger anerer Richtung gestridden huet, fond huet gëscht owend, dass hie kënnt ganz zefridde sinn domat.

[Nic Weber] Mä ass et dann net awer eng realistesch wuel, mä eng Interessegemeinschaft, déi eben ëmmer nëmme souwäit geet, wéi d Interessen dee Moment gi vun den Eenzelnen?

[Gaston Thorn] Ech froe mech, ob een et sollt anescht maachen, wéi dass een Interesse vu sechs Länner Rechnung dréit, an ob wierklech ons öffentlech Meenunge wéilten, dass mir eppes aneschtes géinge maachen. T ass schéin ze soen, méi ze maachen wéi hir Intérêten, mä wann ee méi wéi dat mécht, wat am Intérêt vun de sechs Länner ass, da riskéiert een och eppes ze maachen, wat géint hir Intérêten ass.

[Nic Weber] Wéi ass et lo zum Beispill praktesch  gräifen mer dat eraus iwwert déi aner Punkten, déi bekannt sinn  wéi ass et lo mat Euratom?

[Gaston Thorn] Mat Euratom kann ee soen, wann een en Text liest zum Beispill och, et wäer net vill dran. Wat méi wichteg war, dat ass: an der Euratomsgeschicht, wou kee Ministerrot zu enger Décisioun koum, well ëmmer verschidde Länner iwwerhaapt näischt méi op deem Gebitt wollte maachen, well anerer gestridden hu wéinst enger Suegeschicht, do sinn déi sechs Länner sech eens, dass déi Centres de recherchen, déi mir lo hunn, dass déi mussen erhale bleiwen, eventuell anescht gefouert ginn a minimal déi Suen, déi mir gefrot hu viru Méint an déi mir net kruten, dass déi misste fräi gemaacht ginn, fir dass si éischtens gehale ginn an zweetens kënnen ausgebaut ginn. Ech mengen, dat ass scho weesentlech, wann déi sechs Regirungs-Cheffe sech engagéiere fir ze soen: mir mussen déi Suen zur Verfügung stellen.

[Nic Weber] Et ass och ee ganz schéine Saatz dran, Här Minister, wou ee sech och freet, wéi et awer konkretiséiert gëtt, wou een hofft, dass et konkretiséiert gëtt: dat ass dee vun der Jugend, déi sollenk associéiert gi fir d Zukunft. Wéi wëllt Dir dat maachen?

[Gaston Thorn] Ech hunn Iech do erwaart, Här Weber, an ech muss soen, wann ech an Ärer Plaz wäer, hätt ech déi selwecht Fro gestallt. D Regirungs-Cheffen an d Staats-Cheffen waren sech bewosst, dass een d Jugend misst...

[Nic Weber] Dass vill Jonker manifestéiert haten?

[Gaston Thorn] Nee, net nëmmen dat, mä dass ee misst d Jugend, déi nei Generatioun, rëm un Europa associéieren, mä selbstverständlech sinn d Iddien nach net kloer. T ass geschwat gi vu Jugendwerk, an et weess kee genau, wat en dorënner ze verstoen huet. Loosse

mer soen, d Base vun onsen Iddien gëschter owend, wéi dat décidéiert ass ginn, dat ass esou, wéi ongeféier am Traité franco-allemand en Austausch vu Jugend besteet, net nëmme vu Studenten, dat ze generaliséieren op déi Sechs. An d Kommissioun, déi schon eng Kéier domat beoptragt ginn ass, déi soll ausschaffen, wéi dat kënnt ausgesinn a wéivill Sue misste mobiliséiert ginn.

[Nic Weber] D Fro ass natierlech, Här Minister, op déi Jonk vun haut dat net och scho maachen, deen Austausch an deene Sechs, d Welt ass dach esou kleng ginn. T ass nach en anere wichtege Punkt, deen och leider e bëssche vague bliwwen ass, deen iwwregens och hei bäi eis opgeworf gouf an de Chamberdebatte virdrun, dat ass dee vum Sozialfong: et misst och méi e sozialt Europa ginn.

[Gaston Thorn] T ass zréckgehale ginn mir hate jo déi Manifester vum Europaparlament, déi Resolutiounen iwwert déi ass geschwat ginn an der Konferenz vu La Haye, a souwul den Här Werner, onse Chef de délégation, wéi aner Regirungs-Cheffen hunn an deem Sënn abondéiert fir ze soen, de Fonds social an déi ganz sozial Aktivitéite missten renforcéiert ginn. An der Chamber hat jo och den Här Krier gefrot, dass ech géing an deem Sënn intervenéieren, dass d Sozialministren sech misste méi gesinn. Verstitt gutt, a sou enger kuerzer Négociatioun, wou et haaptsächlech em politesch Aspecte gaang ass, ass hei keen Detail ausgeschafft ginn. Mä zemindest ass schrëftlech festgehal gi vun deene Sechs, dass si wéissten, dass op deem Punkt bis elo vläicht ze schwaach Aarbecht geleescht ginn ass, dass d Sozialministre méi intensiv missten zesummeschaffen, dass et sou guer eng Konditioun wäer, fir d Union monétaire ze maachen an duerno d Union politique, an dass dofir d Sozialministre misste méi intensiv, méi schnell schaffen, an dass de Fonds social misst renforcéiert ginn. Den Detail, de Montant, dat si Saachen, déi mir lo mussen an deenen nächste Méint ausschaffen.

[Nic Weber] Här Minister, dat ass och wuelverstanen, wann ee mol sou Punkte rauspléckt, déi vague blouwen, wéi dat och schonn haut an internationale Kommentären ënnerstrach gouf; d Haaptsaach ass wuel awer, dass een, wann och net vun engem neie Start, dann awer vun engem Start iwwerhaapt rëm ka schwätzen, dass et weidergeet, jidferfalls net blockéiert bleift.

[Gaston Thorn] Et ass oft vu Relanceë geschwat ginn, wa keng waren. Ech mengen, hei wäer en neie Start; et kann een och soen, et géing een e Virage, et géing een eng Kéier huelen. Loosse mer soen, mir hunn nei Baseë gehat. A wësst Dir, ganz éierlech: iwwert dëse Sommet, dee gutt war, wa Leit fannen, et wäer vague, dann ass een oft am vague bliwwen, net well een näischt wollt soen, mä soubal Dir en Adjektiv bäigefügt huet, dann huet déi eng Regirung gesot: w

ëllt dat soen, dass et musse souvill honnert Millioune ginn, wëllt dat soen, dass dat lo falsch war? Dann ass ee scho praktesch un d Ausféierungsbestëmmunge gaang, a well dat zevill Zäit geholl huet, dofir ass een a generelle Formuleë bliwwen, mä mat fixen Engagementer a mat Datummen, innerhalb vun deenen eppes Positives misst gemaacht ginn.

[Nic Weber] An net vergiessen, Här Minister, mir kënnten jidferfalls d Chance hunn, fir en demokratescht Land bäizekréien?

[Gaston Thorn] Mir kënne sérieux d Chance hunn, net nëmmen een demokratescht Land, Här Weber, bäizekréien, mä England, Irland, Norwegen an Dänemark an der Hoffnung, dass mir souwäit sinn de Juni, fir mat hinnen dann d Verhandlungen ophuelen ze kënnen.

[Nic Weber] Huet Dir do jidferfalls Aussichten, dass dat géif klappen, dass dat Semester duergéing?

[Gaston Thorn] Här Weber, wann ech lo jo soen, a mir kréien aacht Deeg Verspéidung, da sot Dir, ech hätt gefuddelt. Ech géing soen, mir hunn ons déi Zäit ginn an der Hoffnung, dass een eventuell kënnt de Mee fäerdeg sinn, dass ee soll alles maachen, fir de Juni fäerdeg ze sinn, wann et och dann nach bis an de Juli erageet, bis un den Ufank vun der Vakanz, mä ech mengen, an der Period misst et ofgeschloss ginn.